CHORALE STE CÉCILE DIKRICH

D'Chorale Ste Cécile Dikrich gouf 1891 gegrënnt a besteet nach bis haut als Männerchouer. D'Grënner vun der Chorale, d'Häre Olinger a Kowalsky, waren och déi éischt Dirigente vum Chouer. An de 50 Jar duerno huet de Veräin nach 9 Dirigenten erlieft, a vun 1959 bis haut just nach 4 ! Et waren dat wärend 27 Jar den Norbert Daman, 2 Jar den Théo Schalz, 4 Jar de Jean-Paul Majerus Wéi 1991 d'Feierlichkeete vum 100. Gebuertsdag eriwer waren, huet de Raymond Majerus d'Direktioun vu séngem Brudder Jean-Paul iwwerholl a leet vun do un de Chouer erfollegräich.

Am Jar 2016 gouf den 125. Gebuertsdag ganz grouss gefeiert. Am Laf vun deene Feierlechkeeten haten d'Sänger dunn déi grouss Chance an Éier, déi nei Thomasuergel an der Parkierch, e wonnerbaart Instrument, anzeweien.

Mat méi wéi 160 Optrëtt am Jar (Sonndes- a Feierdagsmassen, Prouwen, Hochzäits- a Begriefnismassen, Massen an de Fleegeheemer, asw., ass et e ganz engagéierte Veräin. Niewent de ville reliéisen Asäz gëtt awer och de weltliche Gesank net vernoléissigt, sief et eleng oder mat anere Chéier zesummen. Ënnert sech fleegen d'Sänger Komerodschaft, Frëndschaft an Ekippegeescht, no bausse wëllen se hir Freed um Sange mat villen anere Leit deelen.